N° 7405
Entrée le 21.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.12.2022

FRAKTIOUN CSV

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 855/2022
21 DEC. 2022
A traiter par:
Copie à:

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 21. Dezember 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Setzgrompere sinn en Haaptbestanddeel vun der Produktiounschaîne vun den Iessgromperen. Leider riskéiert d'E'slecker Setzgrompergenossenschaft, déi schonn am Oktober 1945 gegrënnt gouf, net méi kënne rentabel ze schaffen, wann d'Produktiounsfläch nach weider zréckgeet. An deem Kontext wollt ech folgend Fro un den Här Landwirtschaftsminister stellen.

- Ass den Här Minister bereet, fir d'Setzgromperen op d'Lescht vun de Kulturen anzeschreiwen, déi 2023 am Kader vun de europäesche Mesuren op Brooche kënnen ugebaut ginn, fir d'Liewensmëttelversuergung ze sécheren, dat mam Zil, dat mer net och nach an dësem Beräich weider ofhängeg ginn, a wuelwëssend datt och Setzgrompere kënnen zu Nahrungszwecker genotzt ginn.

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Deputéiert**

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 7405 vun der éierewäerter Deputéiert Martine Hansen**

**Ass de Här Minister bereet, fir d'Setzgromperen op d'Lëscht vun de Kulturen anzeschreiwen, déi 2023 am Kader vun den europäesche Mesuren op Brooche kënnen ugebaut ginn, fir d'Liewensmëttelversuergung ze sécheren, dat mam Zil, dat mer net och nach an dësem Beräich weider ofhängeg ginn, a wuelwëssend, datt och Setzgromperen zu Nahrungszwecker genotzt kënne ginn?**

Effektiv ass et am Kontext vun der Kris an der Ukrain méiglech, datt fir d'Kulturjoer 2022 - 2023 Fläche mat Ubau vun Akerkulturen aus der Liewensmëttelproduktioun bei der Verflichtung fir 4% vun net produktive Flächen ob Akerland mat ugerechent kënne ginn.

Well d'Setzgromperen am Prinzip eng Virstuf vun der direkter Liewensmëttelproduktioun sinn an net direkt fir d'Consommatioun geduecht sinn, ass et deemno net virgesi fir dës Flächen an dëser zäitlech begrenzter Ausnam mat ze berécksiichtegen.

Weider Detailer fënnt een um Landwirtschaftsportal ënnert:

https://agriculture.public.lu/de/actualites/2022/januar-2022/neuerungen-erweiterte-konditionalitaet-antragsjahr-2023-ukraine-krieg.html

Lëtzebuerg, de 19. Januar 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung

(s.) Claude Haagen